CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 11. November 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
11 NOV. 2019
1463

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Inneministesch weider ze leeden.

Rezent war beim Corps Grand-Ducal d'incendie et de secours (CGDIS) e Posten fir ee Médecin anesthésiste réanimateur beim Samu ausgeschriwwen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen:

- Wéi sinn d'Ausschreiwungsprozedure bei esou Posten?
- Kréien déi Leit, déi hier Kandidatur ageschéckt hunn, en accusé de Réception? Ginn si, wann hier Kandidatur net zeréck behale gëtt, kontaktéiert an informéiert?
- Wéi kann eng Persoun, der hier Kandidatur net zeréck behale ginn ass, e Recours géint d'Nominatioun vun enger anerer Persoun aleede, wann dës Decisioun hier net matgedeelt ginn ass ? Kann een hei vun engem effektive Recours schwätzen?
- Wéi ginn dës Nominatiounen an aneren ëffentlechen Ariichtunge behandelt? Wéi gesinn sou Prozeduren aus? Ginn et Differenzen? Wann jo, wéi eng?
- Ginn d'Nominatioune vun esou Poste verëffentlecht? Wa jo, wou? Wann nee, firwat net?
- Wär et fir d'Ministesch net, aus Grënn vun der Transparenz, noutwenneg sou Nominatiounen ëffentlech zougänglech ze maachen?
- Wëllt d'Regierung an deem Kontext an Zukunft fir méi Transparenz suergen? Wa jo, wéi?

Här President, ech bieden Iech main déifste Respekt unzehuelen.

Viviane Reding
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 15 janvier 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
16 JAN. 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°1463 du 11 novembre 2019 de l'honorable Députée Viviane Reding concernant le recrutement auprès du CGDIS**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour la Ministre de l'Intérieur

Alain Becker
Premier conseiller de Gouvernement

Boîte Postale 10 L-2010 Luxembourg FAX 221125

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina BOFFERDING op d'parlamentaresch Fro n° 1463 vun der honorabeler Deputéiert Viviane Reding zum Sujet "Recrutement auprès du CGDIS"**

Déi fräi Posten déi beim Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) ënnert de «Recrutement externe» falen, ginn um Internet-Site www.govjobs.lu ausgeschriwwen.

De Service Recrutement vum CGDIS mécht eng Virselektioun op Grond vun den agereechten Dossieren andeems d'Recevabiltéit vun de Kandidate kontrolléiert gëtt. Déi Persounen, déi zeréck behale ginn, gi fir e Gespréich agelueden. Ausserdem gëtt mat dëse Kandidaten en Test psychométrique, a jee no Profil vum Posten, e Leadership-Test, respektiv en administrativen oder techneschen Exercice duerchgefouert. Op Grond vum Entretien an den Tester gëtt eng Persoun fir de fräie Poste virgeschloen. Dëse Virschlag reecht de Generaldirekter un de Verwaltungsrot vum CGDIS weider, dee während enger nächster Sëtzung seng Décisioun hellt. Jidder net zeréckbehale KandidatIn gëtt schrëftlech informéiert.

Beim rezente Rekrutement vun engem *Médecin Anesthesiste-Réanimateur* war et esou, dass de CGDIS no enger éischter Analyse vun den Dossieren entscheet hat, d'Plaz vakant ze loossen. Nodeems de Profil an d'Missioune vum Poste nei iwwerschafft goufen, gëtt dësen elo zäitno op Basis vun der uewe beschriwwener Prozedur nei ausgeschriwwen.

Wat d'Recoursen ugeet, gëllen hei d'Regele vun der *Procédure administrative non contentieuse*. Vu datt et sech hei net ëm en Examen-Concours handelt, ass et och esou, datt et keen *Droit à l'embauche* gëtt, an datt den Employeur fräi ass, déi Kandidatur zeréck ze behalen, deen en am gëeegentsten hält fir de Posten, respektiv, Kandidatur net zeréck ze behalen, wann en d'Persoun fir net gëeegent hält.

D'Nominatioune vum Personal beim CGDIS sinn eleng eng Décisioun vum Verwaltungsrot.